N° 8257
Entrée le 23.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 23.08.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 23. August 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister weiderzeleeden.

An Kader vun de nationalen *Enquêtes de Sécurité* gesinn déi international Standarde vir, dass et erfuerderlech ass, dass de SRE *(Service de renseignement de l'Etat)* an d'ANS *(Autorité nationale de sécurité)* Accès zu den Archives judiciaires, souwéi vergläichbaren Dossiere vun der Police oder anere Sécherheetsdéngschter hunn.

Fir kënnen eng vollstänneg Sécherheetsiwwerpéiwung ze maachen an eng entspriechend Habiliation de Sécurité auszestellen, steet an der Decisioun 2013/488/UE vum Conseil an der Annex 1 geschriwwen: « *vérification des antécédents aux niveau national et local: il convient de procéder à des vérifications dans des fichiers de sûreté et les casiers judiciaires, lorsque ces derniers existent, et/ou dans d'autres registres analogues des administrations ou de la police. Il convient des vérifier les fichiers des services répressifs dans le ressort desquels la personne a résidé ou travaillé.* » Och d'NATO gesäit an der *Directive sur la sécurité concernant le personnel* vum 25. November 2020 vir, dass d'Habilitation de Sécurité, déi Accès op klassifizéiert Informatioune vum Niveau NC an NS gëtt, eng « *vérification des dossiers nationaux et locaux – une vérification des dossiers des services de sécurité nationaux et des archives judiciaires centrales, si ces dernières existent, et/ou d'autres dossiers gouvernementaux et de police comparables, est effectuée* » erfuerdert.

Aus der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 8193 geet ervir, dass: *« Opgrond vun der sougenannter Affär casier bis, engem Audit vun der Generalinspektioun vun der Police (IGP) an engem Avis vun der nationaler Dateschutzkommissioun (CNPD) betreffend de Fichier central vun der Police huet de Procureur général d'Etat decidéiert, den Austausch vun Informatioune mat der ANS am August 2019 anzestellen a sech op den Envoi vum Bulletin 2 vum casier judiciaire ze limitéieren, bis datt eng eventuell gesetzlech Upassung gemaach gëtt. »* Wat den Accès zu de Policedonnées ugeet sou steet och do geschriwwen: *« Déi Solutioun déi aktuell en Place ass, besteet an der Ëmsetzung vun der Loi modifiée du 22 février 2018 relative à l'échange de données à caractère perssonnel et d'informations en matière policière » an Zesummenaarbecht mat der Police nom Recherchemodell hit /no hit, kritt awer leen Accès op d'Procès-verbaux a Rapporten. Den Traitement vun de perséinlechen Donnéeën duerch d'Police an d'ANS ënnerläit der Kontroll vun der CNPD. »*

Ausserdeem seet d'Regierung: « *wat den Accès op déi nominativ Datebank vun der Police betréfft gesäit d'Gesetz vun 2016 iwwert de SRE also keng Ännerungen an der Legislatioun am Verglach zum Gesetz vun 2004 vir.* » D'Gesetz vum Juli 2004 zur Organisatioun vum Service de Renseignement de l'Etat huet awer bis 2016 geännert a gesäit elo notamment vir, dass d'Autorités judicaires & policiaires verflicht sinn, dem SRE an der ANS Donnéeën ze iwwermëttelen am Kader vun hire Missiounen.

Schlussendlech hat de SRE an d'ANS den Accès op d'PV'en an d'Rapporte vun der Police souwéi op d'archives judiciares schliesslech nach am Joer 2013, wéi een am Bericht vun der Sëtzung vun der Kommissioun fir d'Enquête sur le Service de Renseignement de l'Etat vum 10. September 2013 op der Säit 996 nozeliese kann.

An dem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Premierminister stellen:

- Ass de Premierminister der Meenung, dass Lëtzebuerg déi international Virschrëften aus der Décisioun du Conseil 2013/488/UE an den NATO-Direktiven zur Informatiounssécherheet am Kader vun der Habilitatiounsprozedur an den associéierte Sécherheetskontrollen, voll a ganz respektéiert?
- Wéi steet Lëtzebuerg am internationale Verglach do betreffend de Sécherheetskontrolle bei der Habilitatiounsprozedur?
- Wéi vill Mataarbechter hunn aktuell eng gülteg Habilitatioun déi virun dem 1. Oktober 2016 ausgestallt ginn ass?
- Wéi kann de Premierminister veräntwerten, dass seng Administratioun zënter 2016 Habilitatiounen op Basis vun Enquêten ausstellt, déi et sengen eegenen Aussoen no net erlabe festzestellen op den Demandeur all Garantië gëtt vir esou eng Habilitatioun ze kréien?
    - Wat heescht dat vir eis national Sécherheet a vir d'Sécherheet vun eisen internationale Partner?

Här President, ech bieden Iech dës Froen, mat mengem déifste Respekt unzehuelen.

**Marc Spautz**
Deputéierten